Amicale des Anciens Etudiants Luxembourgeois de l'EPA

http://www.aachen.lu

11 Mee 2009

Invitatioun fir de Pic-Nic 2009

Leiw jonk an aal Oochener,

wéi an de vergangene Joeren invitéiere mer Ierch mat ärer Famill och dest Joer op Nationalfeierdag, Dënstes den **23. Juni**, op eisen traditionelle Pic-Nic.

Mer hun eis op eiser neier Grillplaatz op der Thillsmillen gudd ageliewt a Jonk an Aal freet sech elo schons op d'Editioun 2009 vum Pic-Nic **« op der Dreps »**, am Bësch hannert der Thillsmillen **tescht Mamer a Koplecht**.

Vun **11:30** un si mer op der Plaaz an offréieren den Aperitif éier dann e gudde Maufel vum Grill zervéiert gët. Zalooten, Gedrénks, Dessert a Kaffi hu mer natiirlech och erëm derbäi.

Nomettës kann da jidderee seng Verdauung bei enger Partie Petanque ureegen oder mat de Kanner an der Baach puddelen.

Denkt w.e.g. drun fir äre Kanner e Puer Stiwwelen an eng oder och zwou extra Garnituren drechent Gezei anzepaken …

Umelle sollt der Iech bis den 18. Juni op eisem Internet-Site http://www.aachen.lu . oder mellt iech einfach beim Louis (louphi@pt.lu, 388444) oder bei mär (michel_asorne@bce.lu, 691-391332).

Bis geschwënn

Michel Asorne – Secrétaire

Louis Philippe – Président